

An dëser Zäit...

Léif Kanner, léif Elteren,

hei ass e neit Lidd fir iech dës komesch Zäit e bëssen mat Musek ze verschéineren, a fir all deene Leit di hëllef **MERCI** ze soen! D'Melodie an den Text vun dësem Lidd sinn vun eis doheem komponéiert an opgeholl ginn.

Vill Spaass beim Léieren a Sangen vun dësem Lidd!!!

Dir kënnt lo selwer nach eng oder méi Strophen dobäi erfannen.
Déi, wa méiglech als Video oder just Toun, ophuelen an eis se schécken.

Da kënne mir, mat ärer Hëllef, e ganz laaaa...ngt Lidd doraus zauberen.
Dofir hu mir och eng Karaoke-Versioun dobäi gemaach, wou dir är nei Kreatioun kënnt drop sangen.

Vill Spaass beim kreativen Musizéieren...

Team Centre Verdi

Dan Gries – dan.gries@education.lu

Fernand Neumann – fernand.neumann@education.lu

An dëser Zäit...

1.


Wat ass dat nëmmen fir eng komesch Welt,
mir kënnen net méi goen wou et eis gefält,
och eis Schoul ass zou - wéi kann dat sinn?

„Corona“ héiert een lo iwwerall,
wéinst dem Virus ass den Alldag ausernee gefall,
wat kenne mir man fir domat eens ze ginn?

Refrain

*Mir bleiwen lo doheem
an schaffen mateneen,
an dëser Zäit, déi dat lo vun eis freet.*

*Mir halen zoueneen
a léieren vuneneen,
an dëser Zäit, wou d'Welt zesumme steet,
an dëser Zäit, wou d'Welt zesumme steet.*



2.

Dokteren, Klinicken a Supermarchés,
all déi fannen de richtege Wee,
wat déi grad leeschten - do si mir paff!

An mir, mir sëtzen elo hei doheem,
wat kënnen mir scho änneren, mir gesinn jo keen,
wat musse mir man fir datt eis Welt dat schafft?

Refrain

Guitar Solo

Refrain 2x